N°269
Entrée le 01.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.02.2024
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Arméiminister weiderzeleeden.

Rezent ass e Video op de soziale Medien opgedaucht, dee fir vill Opreegung gesuergt huet. Ze gesinn ass e jonke Rekrutt, deen un der „Instruction de base" (IB) vun der Lëtzebuerger Arméi deelgeholl huet, dës awer net gepackt huet. An deem besote Video äussert sech de Rekrutt eendeiteg antisemittesch - "(...) tirer sur les juifs (...)". Iwwerdeems sech d'Regierung de Kampf géint den Antisemitismus op de Fändel geschriwwen huet, stellt sech d'Fro, firwat si an deem Fall nach net reagéiert huet.

An deem Kontext géif ech der Madamm Minister gär dës Froe stellen:

1. Gouf d'Madamm Minister iwwert dee besote Video informéiert? Wa jo, wéini? Firwat gouf et bis dato keng offiziell Stellungnam vun der Madamm Minister?
2. Huet d'Madamm Minister eventuell Informatiounen doriwwer, datt sech dee besote Rekrutt scho wärend der IB antisemittesch geäussert huet? Wa jo, wéi gouf dorop reagéiert?
3. Wéi sinn allgemeng d'Prozeduren, wann de Responsabele vun der IB opfält, datt sech e Rekrutt op eng Manéier äussert oder verhält, déi eendeiteg net an Aklang ze bréngen ass mat eise rechtsstaatleche Prinzippien?
4. Missten an den Ae vun der Madamm Minister net méiglech Prozeduren iwwerschafft ginn, respektiv, eemol agefouert ginn, déi sécherstellen, datt déi nei Rekrutten – natierlech am Respekt vun der politescher Neutralitéit vun der Arméi an dem Recht op fräi Meenungsäusserung – sech zu eise rechtsstaatlech Prinzippie bekennen? Wéi gëtt d'Musterung vun den zukünftege Rekrutten an där Hisiicht organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten